N°3179
Entrée le 09.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Recherche
et de l'Enseignement supérieur

La Ministre

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Minister fir Fuerschung an Héichschoul, vun der Madamm Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vum Här Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung op d'parlamentaresch Fro n°3179 vum 13. November 2025 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

**1. Wéi steet d'DP-CSV-Regierung zur Organisatioun vun der Studentefoire am Süden?**

D'Regierung steet dozou, datt d'Studentefoire an de leschte Jore um Campus Belval organiséiert gouf, well dat entspriechend Konzept virgesinn huet, d'Foire an engem modernen, dynameschen Universitéitsëmfeld ze verankeren. Tatsaach ass, datt de Campus Belval deen eenzege richtegen Universitéitscampus am Land ass.

Dëse Choix sollt et de Schüler an Elteren erméiglechen, op engem Uniscampus a Kontakt mat internationale Schoulen an Acteuren aus dem Héichschoulberäich ze kommen – eppes, wat och an de fréiere Joren, och no den Enquêtes de satisfaction, positiv ugesi gouf.

Gläichzäiteg erkennt d'Regierung un, datt sech d'Erwaardungen an d'Besoine vun de Jonken an de Partnerorganisatiounen (ACEL, Jugendrot ...) weiderentwéckelt hunn, an datt eng Foire iwwert d'Zukunft vun de Jonke méi breet opgestallt soll sinn – mat enger holistescher Orientéierung, déi nieft dem Héichschoulberäich och den Aarbechtsmaart, d'Beruffer, d'non-formal Bildung an aner Secteuren integréiert.

An deem Kontext ass d'Regierung oppen, zesumme mat allen Acteuren, en neit Konzept fir d'Foire auszeschaffen, dat och d'Fro vum Standuert nei evaluéiert, fir de Besoinen vun esou enger méi grousser an inklusiver Foire Rechnung ze droen.

D'Regierung steet also hanner der Logik vum Konzept vun enger Foire mam Fokus op d'Héichschoulstudien um Uniscampus Belval, mee si ass gläichzäiteg prett fir en neie Wee: eng Foire fir all Jonker, mat engem Standuert, dee méi Plaz fir eng méi grouss Diversitéit u Secteuren ubitt.

**2. Wéi steet d'DP-CSV-Regierung zur Dezentraliséierung vun den Aktivitéiten an zur Stäerkung vun de wirtschaftlechen a staatlechen Aktivitéiten am Süden?**

Esou wéi op méi Plazen am Koalitiounsofkommes festgehal, steet d'Regierung weiderhin hannert der Dezentralisatioun vun Aarbechtsplazen an aner Entwécklungszentren (CDA, centres de développement et d'attraction), allem virop an der Nordstad an an der Südregioun.

3. **Wéi bewäert d'Regierung d'Kriticke vun de Jonke betreffend dem ëffentlechen Transport tëschent de Regiounen hei am Land? Akzeptéiert si d'Kritik, dass d'Transportweeër ze laang sinn?**

Aus dem Norden fiert ënnert anerem all Stonn een direkten Zuch op de Belval. Vun Ettelbréck aus bedréit d'Reeszäit 1h04 a vun Ëlwen aus 1h45. D'RGTR-Linnen aus dem ganzen Norde sinn op d'CFL-Garen vun dëser Linn ausgeriicht.

Aus dem Oste kënnt een ënnert anerem mat eemol Ëmklamme vu Waasserbëlleg an 1h11 op de Belval.

Vun der Stad (Gare centrale) aus ass ee mam Zuch an 31 Minutten um Belval. Ab 2035 wäert de „séieren Tram" den Süden mat der Stad verbannen an dee Wee also nach méi attraktiv maachen.

Aus dem Süde kënnt ee jo no Uertschaft mam TICE oder mat der Eisebunn a maximal enger Stonn op de Belval.

**4. Wat wäerten se maachen, fir dass den Transport tëschent dem Norden Osten, Norden am Süden hei am Land besser gëtt?**

D'Verbesserung vun den Transportbedingungen an alle Regioune vum Land ass Géigestand vum Plan National de Mobilité (https://gouvernement.lu/fr/dossiers/2022/pnm2035.html). Do sinn déi virgesinne Mesuren och pro Regioun duergestallt an erkläert.

**5. Wéi wäert de Süden allgemeng gestäerkt ginn an noher Zukunft?**

Hei sief op d'Äntwert op d'Fro 2 verwisen.

Wat méi spezifesch den ëffentlechen Transport ubelaangt, gëtt op de PNM 2035 verwisen.

Lëtzebuerg, den 9. Dezember 2025

D'Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul
(s.) Stéphanie OBERTIN